

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

„Op der Streck tëscht Groussbus an der Hierheck (N12) kënn et reegelméisseg zu Accidenter, virun allem well ze séier gefuer gött.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

- *Wéi vill Accidenter sinn op dëser Streck tëscht 2015 an haut gezielt ginn?*
- *Wéi dacks waren dës duerch ze héich Vitess bedéngt? Wéi dacks duerch iwterméissegem Alkoholkonsum?*
- *Mat wat fir enge konkrete Moosname kéint een d'Automobiliste sensibiliséiere fir op dëser Streck méi verantwortlech ze fueren?*
- *Gëtt et eventuell plazeweis och ee Problem mat der Qualitéit vum Belag?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu